

## 4. Advent B Lk 1, 26-38

### KONTEXT

D'Erzielung vum Engel Gabriel, dee bei d'Maria kënnt ass en Deel vun dier sougenanntener Kandheetsgeschichte aus dem Lk-Evangelium. An deenen zwee laange Kapitele verzielt de Lk a parallelen Erzielunge vum Johannes den Deifer a vum Jesus. Déi wichteg Aussoen iwwert de Johannes resp. iwwert de Jesus leien an den Ennerscheeder an den eenzelnen Episoden.

D'Kandheetsgeschichten an den Evangelien (Mt a Lk ; de Joh huet méi ee spezielle Prolog a beim Mk ass d'Einleitung nach anescht) sollen awer keng léif a séiss Geschichte vun engem Puppelche sinn!

D'Kanner als Kanner sinn eréischt eng Entdeckung vun deene leschte Joerhonnerten ! (E Bsp : wann een d'Tableauë vun deene grouse Moler kuckt.)

An de Kandheetsgeschichte gëtt gewisen, wat emol eng Kéier aus deem Kand do gi wäert. An dat, wat aus deem Kand gi wäert ass scho vun Ufank un an him.

Am Lk hëllt de Jesus sech haaptsächlech der Sënner an den Ausgestoussener hirer un. An dofir kommen an der Kandheetsgeschichte z.B. Hiirde bei hien, esou bal hie gebuer ass. Hiirde, déi ausgestouss waren, well si duerch hire Beruff onréng waren. Mer däärfen also bei dësen Texter net d'Fro stellen « a wéi war et da wierkelech ? », « waren et nëmme wäiss Scheewercher, déi mat bei d'Krëpp komm sinn ? » asw., mee « wat ass de Sënn », « wat soen dës Texter iwwert de Glawen un dee Jesus (den erwuessenen, operstanene Jesus) do aus ? » ; soss siche mer eppes am Text, wat den Auteur net drageluecht huet.

### TEXT

Den Engel Gabriel ass ... (v.26) : Deen nämmelechten Engel, dee bei den Zacharias geschéckt gi war, gëtt och op Nazareth bei d'Maria geschéckt. An der Bibel ass de Gabriel deen Engel = dee Buet, deen den Opdrag huet de Sënn vu Gottesmanifestatiounen z'erklären an de Sënn vun der Geschicht opzedecken. Esou ass hein et, deen ukënnegt, wa Gott zum Wuël vun de Mënschen an d'Geschicht agräift (cf. z.B. Dtn 8, 16 ; 9, 21-27) (cf. X-L. Dufour, Dictionnaire biblique).

Nazareth (v.26) : eng kléng Stad a Galiläa, nierwt der Handelsroute, déi Syrie mat Egypte verbonnen huet.

Nazareth kënnt am Alen Testament net vir.

Den Engel Gabriel gëtt also an eng ganz onbedäitend Stiedche geschéckt, déi och nach an deem « heednesche » galiläa läit. « Heednesch » well do vill Händler vun alle Natiounen duerchkomm sinn a well Jerusalem wäit ewech war mat all senge Réngheetsvirschrëften. Hei hu vill arem Leit geliewt, wéi z.B déi Hiirde, déi méi spéit bei de Jesus kommen.

Dës Jongfra huet Maria geheescht (v.27) : Heimadder ënnersträicht de Lk datt Gott muss eppes mat deem ze dinn hu wat elo geschitt.

Geschichte vun aussergewéinleche Gebuerten oder vun aussergewéinleche Saachen, déi geschitt si wou e Keeser oder soss een dichtegen op de Welt komm si

waren déi Zäit Usus. Awer net fir ze soen « dat ass esou geschitt », mee fir z'ännersträichen, wéi een Dichtegen do op d'Welt komm ass.

... déi engem Mann versprach war ... (v.27): Virum juddesche Gesetz sinn de Jouseph an d'Maria bestued, mee dëst Gesetz heut eng Zäit virgesinn, wou d'Braut nach am Elterenhaus bliwwen ass, éier déi grouss Hochzäit gefeiert ginn ass. (Dat nämmelecht Wuert gëtt a Lk 2, 5 gebraucht.)

... deen aus dem Haus vum David war (v.27): Verschidde Leit hunn deemools op e Messias gewaart, deen e Nokomme vum Kinnik David si sollt. Dee sollt dann d'Réimer erausgeheien an erëm ee grousst Räich aus Israel maachen.

Den Engel ass bei si eragaang (v.28): Bei d'Maria an d'Haus. Dem Zacharias war den Engel am Tempel erschéngen.

Free dech (v.28): Een net ongewéinleche Grouss deemools, deen hei duerch de Kontext eng besonnesch Bedeitung kritt. Et ass d'Freed iwwert dee Messias, deen elo ugekënnegt gëtt (cf. 1, 14. 44.47 ; 2, 10).

Du hues Gnod geschénkt kritt (v.28): Am Griecheschen hu mer hei e Partizip dee wéi en zweete Numm fir d' Maria kléngt.

Am Alen Testament gëtt dat Wuert gebraucht, wann ee beim Kinnik gutt ugesinn ass (cf. z.B. 1Sam 16, 22 ; 1R 11, 19 ; Est 2, 17) oder awer och fir vun der Léiwt ze schwätzen (cf. z.B. Hohelied 8, 10 ; Est 2, 17 ; 5, 8).

Den Här ass mat dir (v. 28): Dës Wieder erënneren u Gen 17, 2, wou Gott de Bond mam Abraham schléisst. Mer begéinen dës Wieder awer och dachs a Berufungsgeschichten (z.B. Ex 3, 12 ; Ri 6, 12 ; Jer 1, 8.19).

Am grouse Ganzen ass d'Evangelium vun dësem 4. Advent eng Berufungsgeschicht. Mer fannen déi typesch Elementer aus esou Erzielungen erëm :

1. Grouss	dee gegréisst gëtt ass dueropshin erstaunt an duercherneen ; d'Fro, wat dat bedeite kéint
2. Et gëtt eppes ugekënnegt (hei d'Schwangerschaft)	Bedénken, Froen
3. Äntwert (an dräi Etappen ; hei : op de « wéi », de « firwat » an en Zeechen, e Beweis, d'Elisabeth)	Unhuele vun der Missioun

... hunn si duerchernee gemaach (v. 29): D'Verbe dat hei gebraucht gëtt ass méi staark, wéi dat, wat dem Zacharias seng Reaktioun erëmgëtt.

Op e puer Plaze kréie mer d'Maria gewisen, wéi hatt versicht ze verstoen a wéi hatt nodénkt (Lk 1, 34 ; 2, 19).

Fäert net Maria (v. 30): Dat « fäerten » hei ass de Mënschen hir typesch Reaktioun, wa si mat eppes « göttlichem » a Kontakt kommen. Dëst « fäerten » ass awer keng pur Angscht. Op Franséisch gëtt hei net vu « peur » geschwat, ma vu « crainte », wou Respekt matkléngt, wou de Mënsch sech op emol esou kléng virkënt.

An an deenen Theophanien (Gotteserscheinungen ; z. B. Gen 15, 1 ; 26, 24 ; Lk 1, 13 ; Mt 14, 27 ; d'Opersteuerungserzielungen) kann och just deen, deen déi Crainte ausléisst se ophiewen. An et ass dat, wat den Engel hei seet.

Du hues nämelech Gnod fonnt (v. 30) : Den Engel widderhëllt d'Wierder aus dem Grouss zu ugangs (v. 28).

v. 31 : Wann d'Gebuert vun engem Kand ugekënnegt gëtt, sinn d'Elementer : Empfängnis, Gebuert an Numm (deen d'Mamm dem Kand gëtt an deen eppes iwwert d'Identitéit vun deem Kand ausseet) (z. B. Gen 16, 11 ; Ri 19, 5 ; Jes 7, 14). Esou och hei. Den Numm « Jesus » heescht « Gott rett ». Am Géigesaz zum Mt gëtt de Lk déi Präzisioun net. Eréischt an 2, 11 seet hien, datt de Jesus de Retter ass.

... fir grouss ze sinn (v. 31) : beim Johannes den Deefer gëtt gesot « grouss virum Herrgott » (1, 15). De Jesus awer gëtt « Jong vum Allerhéchste » genannt. Am v. 35 gëtt de Jesus « Jong vum Herrgott » genannt. De Lk gebraucht dësen Titel (deen eng allgeméng Bezeichnung fir de Messias war), fir déi geheimnisvoll Relatioun tëscht dem Jesus an dem Herrgott duerzestellen. Am Lk fannen deen Titel dann och ni am Mond vu Mënschen !

vv. 32-33 : Erënneren un 2Sam 7, 12-26, wou de Prophéit Nathan dem David d'Gebuert vum Jong, dee säi Nofolger gëtt, ukënnegt. Deen Nationalismus deen hei ukléngt, gëtt an 2, 32 iwwerwonnen.

Wéi soll dat da goen ... (v. 34) : Den Engel ass manner stréng mam Maria, wéi mam Zacharias, well den Zacharias d'Beispill vum Abraham a vum Sara hat, während dem Maria seng Situatioun eng komplett nei ass.

v. 35 : Dem Engel seng Äntwert (an dräi Etappen) ass ganz poetesche, mee si géifen äis haut schwéier kënnen iwwerzeegen. Am Résümee seet den Engel, datt dat Kand, dat do op d'Welt soll kommen, zum Plang vu Gott mat de Mënsche gehéiert, an datt dat dem Herrgott senger Saache sinn (fir et emol esou krass auszedrécken). – D'Fro, déi bleiwt ass, ob d'Maria, wéi d'Prophéite virun him, d'Missioun unhëllt, oder net. Wéi scho bei der Schöpfung ass den HI Geescht un dëser neier Schöpfung matbedeelegt (cf. Gen 1, 2 ; Jes 11, 1-6). De « Schiet », deen iwwert d'Maria komme soll ass eng Metapher fir de Schutz auszedrécken, deen hatt vu Gott kritt (cf. Ex 40, 35 ; Num 9, 18.22).

... Fir den Herrgott ass nämelech näischt onméiglech (v. v.37) : Erënnert u Gen 18, 14, wou dem Isaak seng Gebuert ugekënnegt gëtt.

Kuck, ech sinn dem Här seng Mod ; ... (v.38) : D'Versuchung ass grouss dëse Saz als eng Demutsbezeiung ze liesen. Ma, dem Maria seng Äntwert heescht einfach « jo, ech gleewen dat » (cf. 1, 45). Am Alen Testament ass dem « Herrgott säin Dénger » sinn en Eierentitel (cf. z. B. 1Sam 25, 41 ; Ruth 3, 9)!